PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°1098
Entrée le 08.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.08.2024

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/08/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°950 hat d'Mobilitéitsministesch Donnéeën zum Alter vun de Busser vum TICE geliwwert. D'Ministesch schreift heizou:

> *Wann d'Busser amortiséiert sinn, ginn se gréisstendeels ofgestouss.*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill TICE-Busser goufen an deene leschten 10 Joren zu Lëtzebuerg exmatrikuléiert?
   Wéi vill dovunner sinn an d'Ausland verkaf ginn, fir do weider ze fueren?
   Wéi vill si ganz ausser Betrib geholl ginn?
2. Wat ass den duerchschnëttleche Kilometerstand vun de Busser, déi an de leschten 10 Joren ofgestouss goufen?
3. *Den eelste [Bus] ass den 05.01.2009 immatrikuléiert ginn.*

   Wat ass de Kilometerstand vun dësem Bus? Kéinten déi meeschte Busser, ënnert normale Bedingungen, esou laang a wäit fueren?
4. Wat ass den duerchschnëttlechen Akafspräis vun den TICE-Busser gewiescht (opgelëscht pro Joer, op déi lescht 10 Joer gekuckt)?
5. Wat ass den duerchschnëttleche Verkafspräis vun den TICE-Busser gewiescht (opgelëscht pro Joer, op déi lescht 10 Joer gekuckt)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten